



Assemblée générale ordinaire du 11 mars 2020

Rapport d'Activité du Secrétaire général Daniel Nestler

Merci Steve,
Dir Damen an Dir Hären,
Leif Kolleginnen a Kollegen,

Ech soen iech Merci dass der den Wee heihinner fonnt hutt, an dat an Zäiten vun der Pandémie, wou Assembléeën wei des net méi ganz gutt gesinn ginn, zumindest am Moment. Ech versprieche iech awer dass ech lo net méi weider op dat Thema wäert zrëckkommen, zu deem Thema héiert der genuch op Radio an Télé. Wat ech awer feststellen, an dat ass awer éischer eng gutt Saach, ass zumindest op menger Aarbecht, dass dësen Virus den Projet Télé travail em 1 oder 2 Joer no vir bruecht huet.

Et ass vir mech hei déi zweeten Kéier wou ech iech eisen rapport d'activité als Generalsekretär vun der AGC däerf virstellen, an dat ass vir mech ëmmer nach eng grouss Éier.

Den rapport d'activité ass jo ëmmer een Réckbléck op alles wat mer d'lescht esou Joer gemaach hunn.

D'lescht Joer haten mer net manner wei 33 Réuniounen. Hei d'Aarbecht vun der AGC an rengen Zuelen:

(powerpoint)

- **1 Assemblée générale ordinaire**
- **3 réunions du Bureau Exécutif**
- **6 réunions du Comité Exécutif**
- **4 réunions du Groupe de travail art. 36 (Dont une chez la FGFC)**
- **2 réunions avec le Ministre de la Fonction Publique**
- **1 réunion de présentation de la nouvelle formation à l'INAP**

- **1 entrevue avec les dirigeants de la CGFP concernant la formation**
- **1 vérification de caisse avec les réviseurs**
- **7 comités Fédéral CGFP**
- **2 comités Exécutif CGFP**
- **2 conférences des comités CGFP**
- **3 réunions du Groupe de Travail CGFP « aménagement du temps de travail »**

Eis leschten Assemblée generale ordinaire war den 6. Mäerz 2019. Déi dominant Sujeten waren den neien Comité vun der AGC, d'Walen respektiv d'Äntwerten déi di verschidden Parteien op eis Froen ginn hunn, an den Avenant zum Accord salarial deen vun der CGFP an dem Minister vum ëffentlechen Déngscht ënnerschriwwen goufen. Mat dësem Accord ass jo endlech den onsäglechen 80/80/90 Sujet definitiv Vergaangenheet, an d'Stagiaire ginn rëm normal bezuelt.

Den Steve ass virdrun schonn ganz am Detail op eisen Hauptproblem dëst Joer agaangen, an zwar d'Formatioun vun den Stagiären. Ech gi dofir op dëser Plaz net nach eng kéier am Detail op déi aggressiv Réunioun mam Minister an. Deen Dossier leeft weider an mir loossen eis net ënnerkréien. Dësen Dossier ass ëmsou méi schlëmm well den Här Minister Hansen eis ganz kloer ze verstoen ginn huet dass den B1 jo souwisou schonn vill zevill verdéngt. D'Kierzung vun der Formatioun kéint also och just een éischte Schrëtt sinn, an d'Kierzung vun der Pai een méiglechen nächste Schrëtt. Mir wëssen dass vill Leit, virun allem Stagiaire, also déi Haapt Betreffen, selwer déi Kierzung vun der Formatioun begréissen, mee mir kennen dat ganz trotzdem net einfach esou akzeptéieren an mir hoffen dass och déi Betreffen selwer dat verstinn.

Op verschidden vun den Punkten déi ech lo virdrun opgezielt hunn muss een natierlech e bëssen méi am Detail agoen:

1. "Groupe de Travail art 36"

Dësen Aarbechtsgrupp ass am gaangen een Projet auszeschaffen vir eng Reform vum Artikel 36. Vir déi di dat lo net direkt Wëssen, den Artikel 36 vum Statut definéiert den Fonctionnement vun der "Representatioun du personnel" an all Administratioun, also vun der Personalverriedung. Dësen Artikel, zesummen mat engem Reglement Grand-Ducal maachen vläicht 2 Säiten Gesetzestext aus. Wann een bedenkt dass et am Privatsecteur, also am Droit du travail, iwwer 60 Säiten sinn, dann versteet een schlussendlech och wisou den gewerkschaftlechen Dialog mat den Administratiouns-Cheffen net méi richteg funktionéiert. Vill Representatiounen ginn einfach net méi sérieux geholl, an et ass immens schwéier dogéint unzekommen.

Dobäi kennt och nach dass déi 4 Stonnen Congé syndical am Mount jo eigentlech een Witz sinn. Net nëmmen am Privatsecteur ginn Leit fräigestallt an Betriber ab 500 Leit, nee souguer bei den Gemengen ass dat den Fall. Dëst hunn mer eis am Detail vum President vun der FGFC, den Haer Thomé, erklären gelooss.

Mat 4 Stonnen am Mount ass et net méiglech eng sérieux Representatioun du personnel ze organiséieren, dëst ass just eng Method vir d 'Gewerkschaften kleng ze halen.

Dësen Aarbechtsgrupp ass also am gaang d 'Situatioun hei am Land wei och am Ausland an bei den International Institutiounen ze analyséieren an Proposen ze maachen wei et kéint besser funktionéieren.

Mir hunn do schonn ganz vill gudd an interessant Iddien, mee et ass awer nach ze frei vir hei am Detail iwwer eis Iddien ze schwätzen, well d 'Reflexiounen nach net ofgeschloss sinn. Mir wäerten also méi wei sécher nächst Joer nach eng Kéier op dësen Sujet zrëckkommen.

2. « aménagement du temps de travail »

Wei der an der Lescht virdrun gesinn hutt, waren 3 Reunioun vun engem CGFP Aarbechtsgrupp betreffend den "Aménagement du temps de travail" an der Fonction Publique. Och am dësem Aarbechtsgrupp huet d'AGC vill matgeschafft vir dass een gutt Resultat eraus kennt. Em wat genau geet et hei ?

Wei der d 'Lescht Joer jo mat Sécherheet matkritt hutt sinn bei verschidden Verwaltungen, virun allem awer Police, Arméi, Douane an CGDIS no der Aféierung vum "Compte Epargne Temps" immens vill Problemer opgetrueden. Dat neit Gesetz war ze restriktiv, an et war vir déi betreffen Leit eigentlech guer net méi méiglech korrekt dem Gesetz no ze schaffen. An wien well schonn dass d 'Police net kennt wann een se brauch? Ech mat Sécherheet net, an ech mengen behaupten ze kennen dass keen heibannen dat wéilt. Et hunn also missen Léisungen fonnt ginn !

An déi eenzeg méiglech Léisung ass eng bëssen méi grouss Flexibilitéit an der Fonction Publique. Dozou kennt dass déi europäesch Direktiv 2003/88/CE nie komplett an d 'lëtzebuergesch Recht ëmgesat ginn ass, zumindest net an der Fonction publique.

Jo, dir hutt richtig héieren, et ass d 'Direktiv 2003/88/CE, also eng europäesch Direktiv aus dem Joer 2003 ! Et huet also tatsächlech 17 Joer gedauert bis endlech een Accord do ass vir déi betreffend Direktiv ëmzesetzen.

Hei also elo méi Detailer zu dësem Accord, ouni lo wëllen komplett ze sinn oder bis an den Leschten Detail ze goen. Wann nach Froen sinn, kennen mer déi jo herno zesummen diskutéieren.

<<Explicatioun vun den Detailer am PowerPoint.>>

Mir hunn also vill geschafft dëst Joer, mee wann sinn lo eis Prioritéiten vir d 'Zukunft ?

Sou wei et ausgesäit wäerten bei der AGC 2 Haaptthemen déi nächsten Méint dominéieren, nämlech d 'Formatioun an den Artikel 36. Den Aarbechtsgrupp deen sech dem Artikel 36 unhëlt wäert seng Aarbecht weiderfeieren. Eist Zil ass et engersäits dass mer een Artikel 36 kréien deen fonctionnéiert, well dat ass haut ganz kloer net méi dem Fall. Anersäits wëllen mer méi kloer definéiert kréien wat eis Rechter en Pflichten sinn. Donieft hunn mer och een Aarbechtsgrupp zum Thema Formatioun an d 'Liewen geruff. D 'Formatioun wäert eis mat Sécherheet nach eng Zäitchen beschäftegen. Den Haer Minister hat eis ugebueden dëst Joer nach eng kéier driwwer ze schwätzen an genau dat wäerten mer och maachen, well den Ofbau vun Formatioun soll monter weidergoen, net nëmmen am Stagë. Dofir gëtt lo vill op "klick-Formatioun"

gesat, wou een en Module duerch klickt an dann d'Formatioun gutt geschriwwen kritt, egal op een eppes geleiert huet oder net. Bei verschidden Modulen ass dat bestëmmt eng gudd Saach, mee bei anerer awer och mat Sécherheet nett!

Mir sinn absolut net géint Neierungen an nei Konzepter an der Formatioun, mee mir wäerten eis och weiderhin dofir asetzen dass des Formatioun sou gutt wei nëmmen méiglech soll sinn an dass den Niveau vun der Formatioun bei all Verwaltung op engem ähnleche Niveau ass, soss gëtt nach iergendwann den "Changement d'administration" ofgeschafft.

Ech wollt zum Schluss nach een Wuert zur CGFP soen, wou mir als AGC jo och vill an virun allem konstruktiv matschaffen, an zwar ouni vill Polemik ze maachen.

Bei der CGFP gëtt wierklech eng ganz gudd Aarbecht geleescht, an et schéngt och di eenzeg Organisatioun ze sinn déi vun der Politik eescht geholl gëtt.

Allerdéngs sinn verschidden Ënnerorganisatiounen, déi probéieren déi komplett Ressourcen vun der CGFP un sech ze bannen. Dëst ass keen Problem vir eng gewëssen Zäit, schliisslech muss d'CGFP do schaffen wou déi meeschten Problemer sinn, mee et dierf keen Dauerzoustand ginn.

Et ass och net gudd wann déi Ënnerorganisatiounen an der Ëffentlechkeet Saachen soen déi contraire zu deem sinn wat d'CGFP seet an ech sinn der Meenung dass des Ënnerorganisatioun sech e bëssen sollten zrëckhalen, virun

allem dann wann se jo schlussendlech kruten wat se wollten,
an dat mat Hëllef vun der CGFP.

Et wäert also weider spannend bleiwen an der Zukunft.

Ech soen iech Merci vir d 'Nolauschteren